d'Verhütungsmëttel praktesch integral rembourséiert gi sinn.

Wat nach net rembourséiert gëtt am Moment, dat sinn d'Kondomer. Och hei wär et wichteg, an déi do Richtung ze goen, zemools wa mer gesinn, dass mer eng jonk Generatioun hunn, déi net méi gewinnt ass, op Kondomer zréckzegräifen, mee dat ass eng aner Diskussioun, déi mer nach eng Kéier musse féieren.

## 9. Dépôt d'une proposition de loi par Mme Taina Bofferding

***Exposé***

Kolleeginnen a Kolleegen, mir, d'LSAP, wëllen haut nach e Schratt méi wäit goen. An zwar wëlle mer dat fundamentaalt Recht op Ofdreiwung hei zu Lëtzebuerg mat engem „délit d'entrave" schützen, also d'bewosst Verhënnere vun enger Ofdreiwung ënner Strof stellen.

Et geet drëms, dass keen, ob elo eng eenzel Persoun oder Familljememberen, eeben eng Fra drun hënnert, eng Ofdreiwung virzehuelen. Et kann net sinn, dass eng Fra, déi virun enger héchstperséinlecher Decisioun steet, méiglecherweis där schwieregster an hirem Liewen, bedrängt oder ageschüchtert gëtt, andeems etwa radikal Ofdreiwungsgéigner mat Plakater oder aneren Aktioune viru Berodungsstellen, viru Spideeler, viru Cabinete stinn – ben, Biller, wéi mer se nëmmen allze gutt aus dem Ausland kennen.

Bei der Gesetzesännerung zum Avortement d'lescht Joer hate mer schonn eng konkreet Propos agereecht. Eise Virschlag gouf awer leider an der Kommissioun net zréckbehale mam Argument, et wier eng kniwweleg Saach. Wat e bësse verwonnert, well Frankräich huet den Délit d'entrave scho säit 1993. D'Deputéiert Lydie Err, zu hirer Zäit LSAP, hat scho virun 20 Joer eng Proposition de loi agereecht, justement fir den Délit d'entrave virzeschloen, eng Proposition de loi, déi vun engem anere Lydie, dem Lydie Polfer, DP, 2010 och nach eng Kéier deposéiert gouf.

Mee, jamais deux sans trois, deposéieren ech dann haut am Numm vun der LSAP respektiv zesumme mam Paulette Lenert, dann nach eng Kéier eng Proposition de loi, fir den Délit d'entrave anzeféieren.

*8711 – Proposition de loi modifiant le Code pénal aux fins d'introduire le délit d'entrave à l'interruption volontaire de grossesse*

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. André Bauler,** Président de séance | Merci.

## 10. 8379 – Proposition de révision de l'article 15 de la Constitution (suite)

***Discussion générale (suite)***

**Mme Taina Bofferding** (LSAP) | Éier ech zum Schluss kommen, wëll ech nach eng Kéier ganz kloer ervirhiewen, dass fir eis den Dossier net ofgeschloss ass. Dir wësst, dass mer nach ëmmer der Meenung sinn, dass den Délai fir den Avortement op 14 Woche soll eropgesat ginn. Mir si fir d'Schafung vu Kompetenzzentren, mir maachen eis derfir staark, dass d'Berodung an déi ganz sexuell Educatioun solle weider ausgebaut ginn. Do ass nach vill Loft no uewen. Mir brauchen eng Datenerhiewung. Ausser dem Planning Familial hu mer am Moment guer keng Daten déi dote Sachlag. Ben, bref, eis Lëscht ass nach ganz grouss, eist Engagement geet weider, mee haut geet et emol drëms, dës wichteg Etapp ze huelen.

Haut maache mer, wéi gesot, net just e juristesche Schrëtt, mee e ganz kloert Bekenntnis fir d'Selbstbestëmmung, fir d'Sécherheet a fir d'Gläichstellung. D'Geschicht weist: Rechter, déi net verteidegt ginn, gi liquidéiert, si ginn einfach ofgeschaaft. De Fortschrëtt ass net automatesch, de Fortschrëtt erfuerdert Courage, en erfuerdert Engagement.

An d'Entscheedung, ob ee Kanner kritt oder net oder ob een am Endeffekt en Ofbroch virhëlt, ass eigentlech Privatsaach. Dat huet keng Institutioun ze interesséieren an do huet u sech och net de Staat sech anzeméschen.

Dofir, Kolleeginnen a Kolleegen, loosst eis kloer solidaresch si mat de Fraen an den USA an iwwerall op der Welt, déi am Endeffekt fir e Recht musse kämpfen, dat u sech eigentlech sollt selbstverständlech sinn! Fraerechter sinn net verhandelbar, Selbstbestëmmung ass net relativ an d'Egalitéit ass keng Optioun, si ass eng Verflichtung!

An der leschter Instanz läit d'Decisioun net bei de Politiker, net bei den Dokteren, net bei der Famill, mee bei der betraffener Persoun selwer. A si soll soen: „Mäi Bauch gehéiert mir!"

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. André Bauler,** Président de séance | Merci, Madamm Bofferding. Als nächst Riednerin ass déi honorabel Madamm Alexandra Schoos agedroen. Madamm Schoos, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Alexandra Schoos** (ADR) | Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, haut geet et net nëmmen ëm eng eenzel gesellschaftlech Fro. Haut geet et ëm e Prinzipp: Wéi eng Zort vu politeschen a bioeethesche Sujeten hiewe mir op den Niveau vun der Verfassung?

Wann d'Verfassung ufänkt, an engem moralesch sensibele Beräich eng ganz konkreet Léisung wëllen ze garantéieren, da stellt sech automatesch déi nächst Fro: Wou zéie mir d'Grenz? Kënnt als Nächst d'Fro vun der Euthanasie an der Verfassung oder vun anere bioeetheschen Entscheedungen? A virun allem: Wéi positionéiere mir eis an eiser Verfassung géintiwwer dem Schutz vum Liewen, och do, wou d'Liewen net fir sech selwer schwätze kann?

Eng Verfassung ass net eng Lëscht vu politeschen Ziler, si ass e Fundament.

Ech wëll dat direkt kloer soen: D'ADR schwätzt hei mat Respekt, well et geet ëm schwéier Liewenssituatiounen. Mee grad well et esou schwéier ass, muss d'Chamber och mat konstitutioneller Disziplinn schwätzen an handelen.

Dës Verfassungsännerung soll also elo d'Fräiheet vun dem fräiwëllege Schwangerschaftsofbroch verankeren. An d'Gesetz, wéi et et och elo scho mécht, leet d'Konditioune fest, wéi dës Fräiheet ausgeüübt dierf ginn. De gewollte Message vun deene Leit, déi dës Verfassungsännerung ënnerstëtzen, ass kloer: méi Stabilitéit, méi Schutz duerch d'Verfassung, méi Selbstbestëmmung fir d'Fra.

D'ADR steet fir Fräiheet – mee Fräiheet a Verantwortung gehéiere fir eis zesummen. D'ADR steet och fir de Wäert vum Liewen a fir eng Politick, déi Fraen an Nout net eleng léisst. A genau hei läit den Ënnerscheed: eng Debatt iwwer Reegelen, Fristen, Prozeduren, medezinnesch Standarden, sozial Hëllef a Preventioun, dat ass Gesetzgeebung, dat ass Gesondheets- a Sozialpolitick an dat ass parlamentaresch Aarbecht am Alldag. Fir d'ADR ass et de falsche Wee, eng esou komplex, moralesch a medezinnesch sensibel Fro op Verfassungsniveau zwanghaft wëllen ze fixéieren.

**M. Tom Weidig** (ADR) | Très bien!

**Mme Alexandra Schoos** (ADR) | Fir d'ADR ass ganz kloer: Eng Verfassung soll de Kader vum Rechtsstaat setzen a sécheren, d'Fundament also vun eise Rechter a Prinzippien a vum Fonctionnement vun eisem Staat. Si soll net zu enger Plattform ginn, wou mir déi grouss Gewëssensfroen esou formuléieren, datt se politesch ad acta geluecht ginn. Eng Verfassung ass e Fundament, kee Manifest. Si soll zesummenhalen an net eng Plattform fir Kulturfronte ginn.

Als ADR soe mir och ganz kloer: Dës Verfassungsännerung bedeit kee reelle praktesche Schutz virum Réckschrëtt. De Schlëssel bleift am Gesetz. Hei muss een de Leit dobaussen och ganz kloer soen – an de Projet seet et selwer –, datt d'Gesetz d'Konditioune bestëmmt. Dat heescht: Déi eigentlech Debatt ëm d'Zougänglechkeet an d'Konditioune vun der Ofdreiwung bleift weiderhin am Gesetz bestoen.

Wéi d'Propositioun eragereecht ginn ass, hunn ech dacks héieren a gouf och selwer domat um Radio konfrontéiert: „Mat där Verfassungsännerung schafe mir méi Sécherheet." An ech hunn et haut och schonn e puermol héieren.

Nee, de Projet schaaft eng konstitutionell Referenz. Mee e vollwäertege praktesche Schutz ergëtt sech doduerch net automatesch. Eng Politick kann och iwwer extreem enk Fristen, Prozeduren oder aner Hürden eppes formell bestoe loossen an et an der Praxis bal onméiglech maachen. Just effektiv eng gesetzlech Ofschafung vun der Fräiheet op Ofdreiwung wier verfassungsrechtlech net méi méiglech.

Mee dowéinst seet d'ADR: Et ass eng reng Aewëscherei a Symbolpolitick, wann ee behaapt, dëse Schratt géif automatesch eng grouss praktesch Sécherheet bréngen.

Wat ass d'Realitéit hei am Land bezüglech Schwangerschaftsofbréch beziehungsweise wéi eng Zuelen hu mir vum Planning Familial? An d'Madamm Bofferding hat et grad gesot: Mir hunn net vill Daten a Statistiken. De Planning Familial weist fir 2024 eng Realitéit, déi een net ignoréiere kann: Et gëtt eng héich Zuel un Demanden an den Altersduerchschnëtt vun de Fraen, déi Schwangerschaftsofbréch duerchféiere loossen, läit bei 28, 29 Joer, mat engem ganz klenge Prozentsaz u Mineuren. Dat bedeit: Et ass keng Randrealitéit an et betrëfft an der Majoritéit erwuesse Mënschen.

E Schwangerschaftsofbroch bleift eng déifgräifend Entscheedung mat moraleschem Gewiicht fir déi betraffe Fra, fir d'Famill, fir d'Gesellschaft. Wann een d'Zuele vun de planifizéierte Schwangerschaftsofbréch a Relatioun setzt zu de Gebuerten hei am Land, da beweegt sech d'Gréisstenuerdnung ronn bei engem Ofbroch op sechs bis siwe Gebuerten, jee nodeem wéi een d'Basis rechent. Domat wëll ech näischt dramatiséieren – dat ka jidderee fir sech selwer decidéieren –, mee ech wëll domadder weisen, dass de Schwangerschaftsofbroch gesellschaftlech relevant ass a politesch Verantwortung verlaangt – a sécher keng Symbolpolitick.

Ech wëll hei awer och ganz kloer op e weidere Punkt agoen, dee mir als erwuesse Fra an als Politikerin immens wichteg ass: d'Fräiheet an d'Verantwortung vun erwuessene Mënschen. Well ech wëll nach eng Kéier widderhuelen: Mir schwätzen am Duerchschnëtt vun 28-, 29-järege Fraen. Jo, selbstverständlech hunn Erwuessener d'Fräiheet, hir Sexualitéit fräi a selbstbestëmmt ze liewen. Mee an enger fräier a selbstbestëmmter Gesellschaft heescht dat och, sech bewosst ze sinn iwwert d'Konsequenzen an d'Responsabilitéit, déi mir droen duerch dës Fräiheeten.

An ech hunn et schonn d'lescht Joer a menger Ried gesot: D'Selbstbestëmmung iwwer mäi Kierper als

Fra fänkt net eréischt un, wann et ëm d'Ofdreiwung geet. Si fänkt méi fréi un: bei der Opklärung, bei der Preventioun a virun allem bei der Eegeverantwortung wärend dem Geschlechtsverkéier a bei Gespréicher mam Partner.

An do kommen ech direkt zum nächste Punkt. Et gëtt gesot, dass dës Verfassungsännerung och als Selbstbestëmmung vun der Fra iwwer hire Kierper, also als Grondrecht vun der Fra gëlle soll. Jo, Selbstbestëmmung ass essenziell. Mee Selbstbestëmmung ass net nëmmen en eidelt Wuert, vun deem mir mengen, dass et, wa mir et dacks genuch widderhuelen, Wierklechkeet gëtt. Selbstbestëmmung ass eng Fräiheet, e Recht, eng Verantwortung, eng Aufgab.

Als Mënsch musse mir eis en Ëmfeld schafen, wou mir net ënner Drock geroden, wou mir eis net aschüchtere loossen, wou mir eis net schumme mussen, wou mir hannert eisem fräie Wëlle stinn a wou mir eis och, egal ob Fra oder Mann, vun Ufank un eiser Verantwortung eis selwer awer och engem Ongebuerene géintiwwer bewosst sinn. Dat wënschen ech mir als Fra a Politikerin fir eng staark a resilient Gesellschaft.

D'ADR verurteelt keen, a sécher keng Fra, déi de Schratt vun der Ofdreiwung mécht. Dat ass eppes Perséinleches, eng Decisioun, déi all Fra an all Famill selwer iwwerlooss soll sinn.

D'ADR fuerdert awer, datt d'Politick handelt. Mir wëlle ganz konkreet méi Opklärung, méi Preventioun, méi Ënnerstëtzung, méi sozial a psychologesch Begleedung. An do schénge mer jo hei an deem Sall net eleng ze sinn. A mir brauchen definitiv Äntwerten op d'Fro, firwat hei zu Lëtzebuerg awer relativ vill Fraen am Erwuessenenalter ongewollt schwanger ginn. Well wier et net heibannen eist gemeinsaamt Zil, wa keng Fra méi misst e Schwangerschaftsofbroch duerchféieren, well se ongewollt schwanger ginn ass? An ech schwätzen hei natierlech just vu Schwangerschaften, déi ënner fräiem Wëllen zustane komm sinn.

Eng Politick an eng Gesellschaft, déi nëmmen de leschte Schratt an de Mëttelpunkt stellen, awer d'Verantwortung, déi vum Staat awer och déi vum Mënsch selwer, virdrun ignoréieren, maachen aus eise Fräiheeten e Sens unique a sécher keng verantwortlech a resilient Gesellschaft.

E weidere Punkt, deen eis als ADR wichteg ass, ass d'Roll an domadder d'Fräiheet an d'Recht vum Ongebuerenen. Dat kënne mir net ignoréieren. Ech soen dat mat all Respekt: Eng Schwangerschaft ass net just eng privat Detailfro wéi eng aner. Hei steet och d'Fro iwwer e Liewen, dat um Entstoen ass, am Raum, e Liewen, dat net fir sech selwer schwätze kann.

Ech wëll hei elo net driwwer debattéieren, ab wéini mir vu Liewe schwätzen an ab wéini net. Dat géing de Kader sprengen an dovun ofgesinn huet do jiddereе seng ganz eege perséinlech Meenung, sief et eethesch, reliéis oder medezinnesch. Et ass a mengen Aen och net d'Aufgab vun der Politick, esou eppes ze definéieren.

Mee als ADR soe mir ganz kloer: De Staat beziehungsweise d'Politick däerf dës Dimensioun net aus den Iwwerleeunge sträichen. Wéi och schonn am Ufank vu menger Ried erwäänt: Wat kënnt als nächst? An eeben: Wéi gesäit et aus mam Recht op Liewen?

Ech wëll hei och keng Poleemik schafen, mee ech fannen, et ass legitimm, d'Parteien un hir eege Grondsätz ze erënneren. Am CSV-Grondsazprogramm steet d'Iddi vun der onantastbarer Würd an d'Noutwendegkeet, eethesch Grenzen ze setzen. An et steet och do: Esou vill Eegeverantwortung wéi méiglech, esou vill Staat wéi néideg.

Wann een da jo awer eng constitutionnel Verankerung vun enger déifgräifend eethescher Fro wëll, ouni den entspriechende Géigespiller, also d'Recht op Liewen, stellen ech mir perséinlech d'Fro: Ass dat wierklech Subsidiaritéit a Gläichgewiicht? Oder ass et éischter Symbolpolitick, gedriwwe vum politesche Géigner? An ech beloossen et awer och heibäi. Ech wëll dës Iwwerleeung just mat op de Wee ginn.

Här President, léif Kolleeginnen a Kolleegen, ech kommen zum Schluss vu menger Interventioun. Dës Verfassungsännerung gëtt presentéiert als méi Sécherheet. Fir d'ADR bleift et virun allem Symbolpolitick an net déi praktesch Garantie, déi versprach gëtt. Wann d'Konditioune souwisou am Gesetz definéiert ginn, da stellt sech d'Fro, firwat ee fir genau dës Thematik d'Verfassung opmécht, mat all deem politeschen an eethesch-gesellschaftleche Sprengstoff, deen dat mat sech bréngt.

D'ADR seet Jo zu Respekt, Jo zu richteger an éierlecher Selbstbestëmmung vun all Mënsch, Jo zu realer Hëllef, Preventioun, Begleedung an enger Familljen- a Sozialpolitick, déi Fraen a Familljen net eleng léisst, mee se stäerkt.

Als ADR soe mir awer ganz kloer Nee dozou, eng déifgräifend eethesch a medezinnesch Fro an der Verfassung ze verankeren an ze soen, dat géif Sécherheet garantéieren. Eng Verfassung soll d'Land zesummenhalen, net eng Gewëssensfro fir ëmmer festhalen.

Selbstbestëmmung ouni Verantwortung ass keng Fräiheet. An eng Verfassungsännerung ouni reelle Schutz ass keng Sécherheet. Doweinst wäert d'ADR-Fraktioun och unanime géint dës Verfassungsännerung stëmmen.

Ech soen Iech Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**Mme Alexandra Schoos** (ADR) | Jo, Madamm Cahen.

**M. André Bauler,** Président de séance | Merci, Madamm Schoos. Ech gesinn, d'Madamm Cahen wëll Iech eng Fro stellen. Sidd Der domadder d'accord?

**Mme Alexandra Schoos** (ADR) | Si dierf se gär mol stellen. Ech kucken, ob ech äntwerte kann.

**M. André Bauler,** Président de séance | Dann dierft Dir, Madamm Cahen.

**Mme Corinne Cahen** (DP) | Jo, villmools merci. Ech hunn zwou kuerz Froen. Dat Éischt ass: Ech mengen, dat Wuert, dat Der am dackste gesot hutt, ass Symbolpolitick. Mee wär et net awer en Zeeche fir d'Fraen a fir d'Recht vun der Fra op hire Kierper, dat heite matzestëmmen? Dat wär meng éischt Fro.

An déi zweet Fro ass déi: Ech mengen, d'Madamm Morgenthaler an d'Madamm Hartmann hu ganz kloer gesot, dass et keng Consigne de vote gëtt an onse Fraktiounen. Wéi ass dat da bei Iech? Gëtt et eng Consigne de vote bei Iech? Well Dir hutt elo grad gesot, wéi d'ganz Fraktioun géing stëmmen. Gëtt et do eng Consigne de vote vun Iech als Parteipresidentin? Oder ass awer do och jiddwereе fräi, ënner anerem Dir als Fra, hei awer esou ze stëmmen, wéi Der dat mat beschtem Wëssen a Gewësse géingt maachen?

Villmools merci.

**Mme Alexandra Schoos** (ADR) | Villmools merci, Madamm Cahen, fir déi zwou Froen. Ech fänken hannen un: Bei eis gëtt et keng Consigne de vote, well mir sinn eis awer och esou alleguer eens, ouni dass mer hei iergendeppes musse virschreiwen. Dat war vun Ufank un esou.

An ech mengen och net, dass Symbolpolitick dat Wuert war, dat ech am meeschte benotzt hunn, mee d'Selbstbestëmmung. A fir mech als Fra fänkt, wéi gesot, ...

*(Interruption)*

Ganz sécher, ech kann et herno nozielen, wann Der wëllt.

... fänkt eeben, wéi gesot, d'Selbstbestëmmung iwwer mäi Kierper virdrun un an net eréischt, wann ech iwwer Ofdreiwung muss nodenken.

Ech schwätzen awer hei just iwwert déi Fäll, wann et wierklech ënner fräiem Wëlle geschitt ass. Ech schwätzen hei net vu Vergewaltegung oder soss eppes!

*(Interruption)*

Natierlech, natierlech. Mee dat ass awer eppes aneres.

*(Interruption)*

Natierlech, dat ass traureg. Ech hoffen awer, dass déi Zuelen, déi mer hei iwwert d'Ofdreiwungen hunn, net zréckzeféiere sinn op Vergewaltegungen. Well soss hu mer e ganz anere Problem.

*(Interruption)*

An do begréissen ech jo – ech mengen, d'Madamm Hartmann hat dat och d'lescht Joer gesot an ech hat dat och mat menger Motioun wëlle bewierken –, dass mer do op jidde Fall Donnéeë kréien, an do läit och eis Aufgab als Politick, dass mer agräife mussen. An dat hat ech och haut nach eng Kéier a menger Ried gesot: Firwat ginn esou vill erwuesse Fraen – dat wëll ech hei nach eng Kéier rappeléieren, also am Duerchschnëtt 28, 29 Joer al Fraen – ongewollt schwanger? Dat ass déi Fro, déi ech mer stellen. An ech mengen, dat ass déi Fro, déi mir als Politiker stelle mussen.

Wat kënne mir veränneren an der Gesellschaft? Wéi kréie mir eis Gesellschaft erëm méi resilient? An ass et wierklech bei 28-, 29-järege Fraen d'Preventioun oder d'Verhütung, wou se net méi wëssen, wéi, wat, wou? Oder ass et, dass se gezwonge ginn? Ech weess et net, ech kann Iech et net soen. Mir hunn d'Donnéeën net.

*(Interruption)*

Gezwongen, Vergewaltegung, wéi och ëmmer.

*(Interruption)*

Net gezwongen zur Ofdreiwung, Madamm Bofferding, falls Der elo gemengt hätt, dass ech dat géing soen. Mee jo, do musse mer Äntwerte fannen.

**M. André Bauler,** Président de séance | Merci, Madamm Schoos. Als nächst Riednerin ass déi honorabel Madamm Sam Tanson agedroen. Madamm Tanson, Dir hutt d'Wuert.

**Mme Sam Tanson** (déi gréng) | Jo, merci, Här President. Ben, fir d'éischt emol merci dem Marc Baum fir dës Propos, fir dës Initiativ an och, ech mengen, Dir hutt et selwer gesot, all deenen Engagéierten, déi sech ëmmer derfir agesat hunn, dass dat hei soll kommen. Mee merci, dass Dir de Schratt gemaach hutt, dass mer haut kënnen heiriwwer diskutéieren. An natierlech merci all deenen, déi awer ganz konstruktiv an där Institutiounskommissioun deen Text hei zesummen ausgeschafft hunn.

Et ass elo scho vill gesot ginn. Ech kéint natierlech elo op d'Situatioun vun deene betraffene Fraen agoen; op déi faméis Selbstbestëmmung, déi elo vill ugeklongen ass, an de Fait, wéini déi géing ufänken; de Fait, datt ech nach ni vun enger Fra héieren hunn, datt se sech dat einfach gemaach hätt, wa se déi Decisioun do huet missen huelen; de Fait, datt ganz vill Fraen extreem eleng sinn, wa se déi Decisioun do

mussen huelen, oder sech eleng gelooss spieren, och vun deene Männer, déi da vläicht eng Matresponsabilitéit hunn an deem Ganzen; de Fait och, dass Verhütungsmëttel kënne versoen; de Fait, dass ee ka vergewaltegt ginn; de Fait, datt am Liewen net ëmmer alles contrôlable ass. An ech hu scho Bedenken, wann ech hei erausghéiere bei menger Virriednerin, wéi wann dat alles op e schlecht, falscht Behuele vun deene betraffene Fraen zréckzeféiere wär.

Virdrun hate mer hei rieds, dunn huet d'Joëlle Welfring gesot: „Wa Männer géinge schwanger ginn, da géinge mer déi Diskussioun hei warscheinlech iwwerhaapt net musse féieren."

**Une voix** | Richteg!

**Mme Sam Tanson** (déi gréng) | Ech kéint och driwwer schwätzen, et ass schonn ugeklongen, iwwert déi Fraen, déi iwwer Joerhonnerten – an et ass elo iwwer Zuele rieds gaangen – hiert Liewen op d'Spill gesat hunn oder dru gestuerwe sinn, well se illegal ofgedriwwen hunn an iergendengem Hannerzëmmer ënner schreckleche Konditiounen. Mee u sech brauch ech dat net, well mir hunn déi Situatioun hei net.

Hei am Land muss keng Fra hiert Liewen op d'Spill setzen, wa se wëll ofdreiwen, well se dee Choix no laanger Reflexioun warscheinlech fir sech geholl huet. Quitte datt, an d'Madamm Bofferding huet et virdru gesot, et ëmmerhin e medezinneschen Agrëff ass. Et ass ëmmer eppes, wat eng Inzidenz op de Kierper huet, mat alle potenzielle Risiken. Mee wéinstens gëtt et net méi an engem Hinterstübche vun enger Faiseuse d'anges gemaach, mee an engem medezinnesche Kader mat Medikamenter, mat sterillen Instrumenter, wann et da muss sinn, a mat engem méiglleche Suivi.

An alles, wat mer u sech haut maachen, ass dëst: Mir garantéieren, datt och an Zukunft ons Duechteren, ons Enkelinnen, hir Duechteren an Enkelinnen dëst Recht kënnen hunn. Mir kënnen et natierlech net mat absolutter Sécherheet garantéieren, mee mir kënnen et mat deem héchste legislativen Instrument garantéieren, dat mer hunn: ons Verfassung.

An de leschte Woche sinn, och wann ech frou sinn iwwert dee relativ grousse Konsens hei, awer och zum Deel hefteg Wierder ze héiere gewiescht. Et ass rieds gaang vu rücksichtsloser Ideologie, vun Totalitarismus. Dobäi decidéiere mir haut net iwwer Moral, iwwer Ideologie. Mir verankeren e Recht, dat mir Fraen, ons Mammen a Groussmammen, sech haart erkämpft hunn, just e bësse méi staark. Mir hiewen dat Recht just op den Niveau uewendriwwer, dee vun onser Verfassung.

Dës Verfassungsännerung wäert keen eenzege Schwangerschaftsofbroch provozéieren. Si ännert net déi medezinnesch Realitéit, si hëlt keng Schutzflichte vum Staat ewech a si entzitt dem Gesetzgeeber och net seng Kompetenz. Si schaaft eppes an Zäite vu politescher Ongewëssheet, an dat ass Sécherheet. Sécherheet fir d'Fraen, datt si och an Zukunft, gradewéi meng Generatioun an déi no mir, selwer iwwer hire Kierper decidéiere kënnen. E gewéinlecht Gesetz ka mat enger einfacher Majoritéit geännert ginn. Eng Verfassung ass Ausdrock vun engem dauerhaften, vill méi breede Grondkonsens. Si schützt d'Rechter besser géint politesch Schwankungen.

An ech sinn net d'accord, dass mat där Verfassungsännerung, déi mer elo hei maachen, e Gesetz et esou kéint aushielegen, dass dat Recht oder déi Fräiheet – ech kommen nach drop – herno net kéint ausgeüübt ginn. Dee Kader, dee mer eis hei ginn, deen erméiglecht et net, et komplett auszehielegen. Et ass nach ëmmer de Gesetzgeeber, deen d'Konditioune fixéiert, mee d'Fräiheet ofzedreiwen, muss garantéiert bleiwen.

Et gouf gesot: Ass dat Ganzt néideg? Huet dës Dispositioun hir Plaz an der Verfassung? Jo, et ass néideg. De Principe de précaution verlaangt et. Mir hunn, et ass scho vill ugeklongen haut, international Beispiller gesinn, wou Rechter, fir déi laang gekämpft gouf, bannent kuerzer Zäit zréckgedrängt goufen. D'Geschicht weist ons: Näischt ass definitiv geséchert, wann et net staark verankert ass.

An nee, effektiv, dës Debatt ass net geschlechterneutral: Schwanger gi Fraen. Et si Fraen, déi d'kierperlech, gesondheetlech a sozial Konsequenze vun enger Schwangerschaft droen. All juristesch Reegelung iwwer Schwangerschaft ass dofir och ëmmer eng Fro, ween iwwert de Kierper vun enger Fra decidéiert, iwwer hir physesch Integritéit, hir mënschlech Dignitéit, hiert Selbstbestëmmungsrecht. A mir gesi leider, datt d'Rechter vu Fraen a verschiddene Länner vu verschiddene Regimmen zréckgeschrauft ginn.

Dofir mäin éischte Punkt: Mir änneren näischt, mir séchere just eppes of.

An der Debatt huet sech d'Fro gestallt, wéi mer et maachen: Nenne mer et „Droit" oder „Liberté", „Fräiheet" oder „Recht" op e Schwangerschaftsofbroch? Et liicht jo an, datt een e Recht e Recht nennt. Mee am Verfassungsrecht ass heiansdo näischt esou einfach, wéi et schéngt.

Dem Marc Baum seng Propos, e Recht virzegesinn an et an d'Sektioun vun de Grondfräiheeten ze schreiwen, wär kohärent, och wann ee sécherlech hätt kënnen iwwert d'Formulatioune vum Text debattéieren.

An erlaabt mer just eng kleng Klamer: Ech bedaueren äusserst, dass mer dat Recht op eng Contraceptioun net mat zréckbehalen hunn. Well ech hunn elo haut hei keen héieren, deen der Meenung ass, dass een net alles muss maachen, fir eng Ofdreiwung ze verhënneren. Or, déi bescht Aart a Weis, eng Ofdreiwung ze verhënneren, ass d'Contraceptioun. An duerfir verstinn ech net, dass dat direkt vum Dësch war.

An ech muss och soen, Madamm Hartmann, och elo déi Erläuterungen, firwat Der der Meenung wäert, dass et net seng Plaz an der Verfassung hätt, hu mer net ganz ageliicht. Mir hunn zum Beispill och en Droit à l'éducation an eiser Verfassung stoen. Och eppes, woufir ee muss anzwousch higoen – den Educatiounsminister war virdrun hei –, fir datt een dann do eng Educatioun kritt. A wann een zum Beispill net léiert, kann een awer net herno akloen, datt een dat Recht net konnt exercéieren. An effektiv, de Staat muss den Zougang zur Educatioun garantéieren, sou wéi en och mat där Propos vum Marc Baum hätt missen den Zougang zu der Contraceptioun garantéieren. Ech bedaueren, dass mer dat net zréckbehalen hunn.

Ech kommen awer elo nach eng Kéier zréck bei den „Droit" an d'„Liberté". An där Sektioun iwwert d'Grondfräiheeten, do fanne mer Garantien, déi mol als „Droit", mol als „Liberté" formuléiert sinn, ouni datt domat eng Hierarchie entsteet. De Grondproblem, wann ee sou wëll, läit bei der Aart a Weis, wéi ons Verfassung opgebaut ass a wéi hei d'Begrëffer, wann ee sech déi Texter gutt duerchliest, zum Deel matenee vermëscht ginn.

Mee mir stinn domat net eleng. De Marc Baum huet et virdrun a sengem Rapport gesot: A Frankräich hate se déi selwecht Diskussioun. Do huet de Conseil d'État ganz kloer d'Decisioun geholl, dass den „Droit" déi selwecht Portée hätt wéi d'„Liberté" an där Debatt hei, anescht gesot, dass déi zwee Begrëffer interchangeabel sinn, et also keen Ënnerscheed géing maachen, wat een dann elo géing benotzen.

An och eise Staatsrot confirméiert dat, mat der Präzisioun, dass an där Sektioun vun de Grondfräiheeten den Artikel 37, déi sougenannte Clause transversale, souwisou virgesäit, dass bei deenen, ob et elo „Droit" oder „Liberté" heescht, e Gesetz muss kommen, fir se anzeschränken.

An dat Gesetz, an do kommen ech eeben op dat, wat d'Madamm Schoos virdrun e puermol gesot huet, dat muss verhältnisméisseg sinn. Et muss noutwendeg an enger demokratescher Gesellschaft sinn. An et muss am allgemengen Interessi oder zum Schutz vun de Rechter vun anere geholl ginn. Vun dohier ass et net richteg, ze behaapten, dass ee mat där Verfassung, wéi mer se elo hoffentlech haut kréien, herno kann higoen an e Gesetz huelen, dat dat Recht am Fong null und nichtig mécht.

Et war och ni rieds am Marc Baum senger Propos, de Schwangerschaftsofbroch an d'Kapitel vun de Grondrechter anzeschreiwen, dat Kapitel, wou déi Clause transversale net d'office spillt. De Premierminister hat awer d'Positioun an de Kompromëssvirschlag vun der Majoritéit eeben domat justifizéiert, datt et dann e Grondrecht géif ginn, dat net kéint ageschränkt ginn. Ofgesinn dovun, datt een elo doriwwer kéint diskutéieren, zum Beispill bei der Meenungsfräiheet oder der Reliounsfräiheet, déi carrement op deenen zwou Plaze stinn – mee dat féiert ze wäit –, hat och déi ursprénglech Propos scho virgesinn, datt een d'Recht op Schwangerschaftsofbroch kéint aschränke per Gesetz.

An als Rappell: Et stoung vu vireran an deem Kapitel vun den ëffentleche Fräiheeten. Do stinn och d'Recht, eng Famill ze grënnen, d'Recht, gehéiert ze ginn, d'Recht op Respekt vum Privatliewen, d'Recht op Asyl, d'Recht op Aarbecht – alles Rechter, bei deene mer wëssen, datt se net absolutt sinn.

Letztendlech ass déi ganz Debatt awer net wichteg, och wa se intellektuell ganz sécherlech stimulant war. Et hätt wuel fir Onkloerheete bei der Interpretatioun vun der Verfassung kënne suergen. Déi Onkloerheeten huet de Staatsrot awer glécklecherweis aus der Welt geschaf. A falls der nach géingen existéieren, ech mengen, de Marc Baum an ech an de Paul-Henri Meyers an nach e puer anerer, mir si ganz gewëllt, an déi operluechten Nohëllefstonnen ze goen, déi eng grouss Dageszeitung eis suggeréiert huet.

Mäin zweete Punkt ass also deen: Mam Text, wéi en elo virläit, ass d'„Recht" op Schwangerschaftsofbroch geneesou ofgeséchert, wéi wann deen Term géing an der Verfassung stoen an net „Fräiheet". Mee, wéi ech virdru sot, ass et letztendlech net esou wichteg.

Well ech wëll nach eppes lassginn: Ech si wierklech extreem houfreg, haut kënnen hei an dësem Plenum ze stoen an, mat enger Ausnam, elo hei keng wierklech kritesch Téin ze héieren, wann et ëm dee Vott hei haut geet. An dobäi kann ech extreem gutt verstoen, datt ee sech aus eetheschen oder reliéise Grënn schwéierdeet mat dëser Debatt. Och wann ech muss soen, datt ech en enormt Onverständnes hat fir dem Kardinol Hollerich seng Aussoen zu dëser Reform, dës hätt totalitär Zich – grad an dëser Debatt.

Mee als zweet Land iwwerhaapt schreiwe mir haut d'Fräiheet vum Schwangerschaftsofbroch an eis Verfassung an. An ech soen dofir speziell deenen Deputéierte Merci, fir déi dat hei vläicht keng Evidenz ass, deenen, déi sech mat der Debatt schwéierdinn, aus wéi enge Grënn och ëmmer, mee déi nawell haut hei derfir stëmmen an domat méiglech maachen, datt déi néideg Majoritéit fir eng Verfassungsännerung zustane kënnt.

Ech hoffen och, datt dës Verfassungsännerung ni praktesch op d'Prouf gestallt gëtt. Mee besser

preventiv ofgeséchert, wéi spéider net kënne reparéieren. Mir kënnen net all Risiko verhënneren, mee mir kënnen d'Hürd fir de Réckschrëtt ganz héich setzen. Well Verfassunge ginn net nëmme geschaf, fir Selbstverständleches opzeschreiwen, si gi geschaf, fir Fräiheet a Recht do ze schützen, wou se verletzbar sinn. Dat ass dat, wat mer haut maachen.

An ech soen all deene Merci, déi haut hiren Accord ginn.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. André Bauler,** Président de séance | Merci, Madamm Tanson. An als nächste Riedner ass den honorabelen Här Marc Goergen ageschriwwen. Här Goergen, Dir hutt d'Wuert.

**M. Marc Goergen** (Piraten) | Merci, Här President. Fir d'éischt Felicitatiounen un de Marc Baum fir dësen Text. Wéi den Text erakomm ass, hat ech net geduecht, dass mer eng Kéier géingen e puer Méint duerno hei stoen an dass en hoffentlech Realitéit géing ginn. Ech begréissen den Text. Ech begréissen awer och – an dat soen ech éierlech –, dass den Term op „Fräiheet" geännert ginn ass, an dat no ville Gespréicher mat betraffene Leit, well deen Term awer och deene Leit méi no kënnt.

Et ass elo vill dervu geschwat ginn, dass een an der Situatioun vun enger Vergewaltegung oder aneren extreeme Situatiounen an d'Situatioun vun der Ofdreiwung kënnt. Et ass awer e bësse vergiess ginn, dass et och där Situatioune gëtt, wou Koppelen ënner sech driwwer schwätzen a ganz vill domatréngen, dee Schrëtt ze goen oder net. An do ass sécherlech de Begrëff „Fräiheet" eppes, wat hinnen et och moralesch fir d'Zukunft a fir d'Gewësse méi einfach mécht.

Well och déi, mat deenen ech geschwat hunn, hu gesot, datt dat fir si keng einfach Entscheedung war. Et war een op den éischte Rendez-vouse beim Dokter. Et huet ee matkritt, wéi déi Kanner sech awer och entwéckelt hunn. An herno huet een dann eeben déi Entscheedung, aus wéi enge Grënn och ëmmer, an deene Fäll, déi ech genannt krut, gemeinsam geholl. An dat ass eeben déi Fräiheet, déi ee sech geholl huet, fir déi Entscheedung ze huelen. Dofir wäert ech och haut dës Verfassungsreform matstëmmen, well „Fräiheet" dee richtegen Term ass.

Et geet och ëm d'Selbstbestëmmung vun der Fra. Et ass e puermol ugeklongen: Et ass d'Fra, déi d'Kand wäert ausdroen. Et ass d'fräi Selbstbestëmmung vun der Fra, ze soen: „Jo, ech wëll dee Wee goen", oder: „Ech wëll dee Wee net goen." An doduerjer, dass mer et an d'Verfassung aschreiwen ... Ech weess, et gouf vill Artikelen, vill Meenungen, dat géif näischt bréngen. Fir mech bréngt et awer virun allem moralesch fir déi Betraffe ganz vill, well d'Verfassung dat héchst Organ ass, dat mer hunn. An et ass awer gutt, ze soen: „Souguer eis Verfassung erlaabt mir, dee Schrëtt ze goen", fir dass een da seet: „Ok, ech kann dee Schrëtt goen."

Jo, déi Entscheedung, dat gehéiert zu där anerer Säit vun der Medail, setzt ëmmer viraus, dass een en anert Liewe beent. An dat ass sécherlech eng Entscheedung, déi een déi nächst Jore wäert ëmmer erëm mat sech schleefen an déi engem och ze denke gëtt. An deementspriechend ass et eng Fräiheet, déi ee sech geholl huet.

Ech hoffen, dass et haut duerchkënnt. Lëtzebuerg géing domadder zu engem Virreider an engem ganz sensibele Sujet ginn. A mir géingen doduerjer och eis Fraerechter nach eng Kéier fir d'Zukunft stäerken.

An ech deelen net onbedéngt déi Analys, dass an noer Zukunft eng politesch Majoritéit zu Lëtzebuerg méiglech wär, hei an der Chamber, déi esou schlëmm wär, dass mer déi Gesetzer géinge réckgängeg maachen.

*(Interruption par Mme Taina Bofferding)*

Jo, Madamm Bofferding, mee Amerika huet en anere Walsystem. Also, ech hoffe fir mech, ...

*(Interruption)*

... dass mer net an déi Situatioun kommen. Wann ech awer déi véier grouss Parteie kucken, denken ech net, dass déi eng Kéier wäerten esou vill verléieren, ...

*(Interruption)*

... dass aner Kräfte géingen un d'Rudder kommen. Also, ech sinn do net ganz esou pessimistesch. Ech hoffen och, dass dat an eisem Land net wäert geschéien, well dann hu mer ganz aner Problemer wéi déi Diskussioun, déi mer haut féieren. Dofir wäert ech och haut dës Verfassungsreform matstëmmen.

Merci.

**M. André Bauler,** Président de séance | Merci, Här Goergen. An als leschte Riedner ass den honorabelen Här Marc Baum ageschriwwen. Dann hutt Dir nach eemol d'Wuert, Här Baum.

**M. Marc Baum** (déi Lénk), auteur-rapporteur | Merci, Här President. Merci och alle Virriednerinnen a Virriedner. Ech sinn, wéi Der Iech warscheinlech virstelle kënnt, ganz frou doriwwer, datt sechs vu siwe Parteien, déi hei an der Chamber vertruede sinn, dës Erweiderung vun eiser Verfassung matstëmmen a mir domadder effektiv zum zweete Land op der Welt ginn, dat de Schutz vun der Selbstbestëmmung vu Fraen op den Niveau vun enger Constitutioun setzt.

Bei der Debatt, déi mer elo haten, mengen ech, muss een awer verschidde Saachen nach eng Kéier rappeléieren. Et geet am Fong net ëm d'Fro: Si mer fir oder géint Avortement? Et geet hei just ëm d'Fro, ob mer déi Rechter, déi mer aktuell hunn, wëllen nach méi zolidd stäerken an duerch déi zolidd Stäerkung affirméieren a mat där Affirmatioun och e kloert Zeeche setzen.

Duerfir ass déi ganz Diskussioun ... An et kéint ee philosophesch, och geschichtsphilosophesch diskutéieren iwwert d'Begrëffer „Fräiheet" a „Recht" am Kontext vu Verfassungen, well all dat, wat klassesch iwwerdroe Begrëffer vu „Fräiheet" waren, wéi d'„Liberté de commerce", wéi d'„Liberté d'expression", dat sinn der, déi am 19. Joerhonnert entstane sinn, wou am 19. Joerhonnert de Begrëff vu „Fräiheet" eng immens grouss Valeur hat am opstriewende liberale Biergertum, wou am 20. Joerhonnert éischter de Begrëff vum „Droit" méi staark ginn ass no den Erfarunge vun, ënner anerem, der Mëtt vum 20. Joerhonnert.

Mee ech mengen, datt et kloer ass, dat, wat mer ënnert dem Begrëff „Recht" oder „Fräiheet" benotzen, dat, wat mer heimadder maachen, ass: Mir schützen – mir schützen! – d'Recht, d'Fräiheet vun de Fraen, iwwer hiren eegene Kierper an deene Limitten, déi d'Gesetzer definéieren, kënnen ze verfügen. Et ass eppes wéi eng Clause de non-régression, déi mer hei aféieren. An dat ass dat, wat, mengen ech, wierklech dee grousse Fortschrëtt ass.

Et wäert Iech och net wonneren, wann ech Iech soen, datt ech och enttäuscht doriwwer sinn, datt d'Contraceptioun net derzougehéiert, well et jo effektiv eng Vue vu reproduktive Rechter géif mat incluéieren, déi méi komplett wier, déi méi grouss wier. An ech fannen et schued, datt dat net zréckbehale ginn ass, well mat der Contraceptioun, wann een esou wëll, fänkt jo quasi och de reproduktiven Apparat un.

Ech si mer duerchaus bewosst, datt dat och an anere Länner elo net esou menacéiert ass. Mee ech wëll awer och drun erënneren, datt dat och nach net esou laang hier ass, datt an der zweeter Hallschent vum 20. Joerhonnert ganz grouss a staark politesch Couranten dat awer a Fro gestallt haten.

Duerfir mengen ech, datt dat duerchaus sënnvoll gewiescht wier. D'Kommissioun huet dat an hirer Majoritéit awer net esou zréckbehalen. An et ass mer an all deenen Debatten och ëmmer drëm gaangen, wierklech ze kucken, eis esou breet wéi méiglech opzestellen, well dat, wat mer maachen, ass eeben och en Zeechen, dat mer no bausse setzen.

Den Här Goergen huet grad gesot, datt déi Rechter net esou menacéiert wieren zu Lëtzebuerg wéi an anere Länner.

Ech wëll awer virdrun, pardon, nach en anere Gedanke lassginn, deen, mengen ech, och keen heibanne gesot huet, mee et ass awer duerfir vläicht gutt, wann een et ausschwätzt: Dat hei ass keen Endpunkt vun enger Entwécklung vu Gläichberechtegung, vu Fraerechter, mee dat hei ass eng Etapp. Dat hei ass eng Etapp, wou mer dat, wat mer hunn, ofsécheren. A mir wëssen dat ganz genau, och en vue vum nächste Sonnden, dem 8. Mäerz, dem Dag vun de Fraen, wou et och e Fraemarsch gëtt, vun der JIF organiséiert, mat ganz konkreete Fuerderungen, déi ganz vill och d'Gesondheetswiese betreffen a wou si en nach méi egalitären Zougang zu gesondheetleche Prestatioune fuerderen.

An dat sinn alles Fuerderungen, mat deenen och mir eis an deenen nächste Méint a Joren an der Chamber musse befaassen. Et ass keen Endpunkt, mee et ass eng Etapp. A mer sollen de Vott vun haut gesinn als eng Zort Trampolin, fir eis deene Chantieren och resolutt unzehuelen.

Wat d'Menacen ugeet, do mengen ech, ass et awer esou, datt an deene leschten zéng Joer Saache geschitt sinn a verschiddene Länner, déi mer eis net hätte kënne virstelle virun zéng Joer. Et hätt ee sech net kënne virstellen, datt mer an Amerika eng Situatioun hunn, wou eppes, wat fir bal all Éiwegkeet ofgeséchert geschéngt huet duerch en Arrêt vun der Supreme Court vun 1973, géif vu Riichteren a Fro gestallt ginn nom amerikanesche System, wou mer wëssen, datt et keng strikt Trennung tëschent Justiz a Politick gëtt, a wou konservativ Riichtere vun enger éischter Trump-Administratioun dohinnergesat gi sinn, fir dat doten Urteel ze huelen.

A mir wëssen awer, datt och 2022 den Donald Trump net un der Muecht war, mee den Demokrat Joe Biden. An och den Joe Biden huet dat doten net ëmgedréint kritt. An elo, wou den Trump erëm un der Muecht ass, elo gesi mer nach eng Kéier eng Verschäerfung dovunner. Eng vun deenen éischte Mesüren, déi den Trump geholl huet, war, Bundesmëttelen, fir Avortement oder och nëmmen Opklärung iwwer Avortement ze ënnerstëtzen, ze sträichen.

An d'Fäll, wann ee se konkreet ukuckt, ginn einfach ënnert d'Haut. Et si Situatiounen, wou mannerjäreg Vergewaltegungsaffer net ofdreiwen däerfen. Dokteren, déi waarde mussen, bis akut Liewensgefor besteet, éier se iwwerhaapt operéieren däerfen, mat zum Deel déidlechem Ausgang fir déi betraffe Fraen. Eng Situatioun, déi sech a Polen och repetéiert huet, 2021, mat enger änlecher Virgeeënsweis, wou och do e politesch besatent Verfassungsgeriicht op eemol eppes gekippt huet, wat do war, mat déidlechem Ausgang fir betraffe Fraen.

A wann ee sech Italien ukuckt – dat ass jo och e Land, dat eis awer eigentlech relativ no ass –: Nom Regierungswiessel an ënnert dem Giorgia Meloni, dat sech selwer als Postfaschistin bezeechent, ass do d'Gesetz zwar net geännert ginn, mee duerch Reglementer ass

agefouert ginn, datt Ofdreiwungsgéigner elo an den Eethikkommissioune vun de staatleche Berodungsstelle sëtzen an Drock ausüben, Drock ausüben op déi betraffe Fraen, Drock ausüben op d'Dokteren.

A muss ech drun erënneren, datt mer, Här Goergen, nach virun engem Joer och an Däitschland eng Situatioun haten, wou eng Hetzcampagne vun der AfD géint eng unerkannten Droitprofessesch, déi et gewot huet, en Avis juridique ze schreiwen zu där Fro, gemaach ginn ass, datt se net Verfassungsriichterin sollt ginn, an déi op Lige baséierend Hetzcampagne sou staark ginn ass, datt lues a lues och ëmmer méi konservativ Politiker ëmgefall sinn an déi Fra net nominéiert ginn ass? Eppes, wat ee sech an Däitschland net hätt kënne virstellen nach virun e puer Joer!

An ech mengen, datt mer uechtert d'Welt gesinn, datt d'Fraerechter an der éischter Ligne de mire vu rietsen, integristeschen, chauvinisteschen a faschistoide Kräfte stinn. Dat ass beim Putin senger Agenda net anescht wéi beim Donald Trump oder bei reliéise Fundamentalisten. Et geet ëm Muechtausübung an Dominanz.

A wat ass méi Ausdrock vun Dominanz wéi d'Dominanz iwwert d'Entscheedung vun engem Mënsch, däerfen eng Famill ze grënnen oder net? A well dat alles esou ass, a well dat den internationale Kontext ass an déi Menacen ëmmer méi no, ëmmer méi palpabel och fir eist Land oder eis Länner an Europa ginn, kuckt haut de Mëtteg och d'Welt op eist klengt Land. Well a ganz ville Länner, déi eis nostinn, grondleeënd demokratesch Rechter a Fräiheeten ënner Beschoss stinn, ass dëse Vott haut hei an der Chamber en historeschen.

Bei dësem Vott geet et och drëm, op wéi enger Säit vun der Geschicht mer stinn. Et geet och drëm, ob mer wëllens a fäeg sinn, eis demokratesch Wäerter ze verdeedegen. Jo, hei geet et am Wuertsënn ëm d'Wehrhaftegkeet vun eiser Demokratie.

Kommt, mir hunn de Courage, Selbstbestëmmung, Dignitéit an Humanismus ze schützen! Kommt, mir loosse virublénken d'Fräiheetssonn!

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. André Bauler,** Président de séance | Merci, Här Baum.

D'Regierung huet d'Wuert, den Här Premierminister.

*(Interruption)*

Pardon? A, den Här Keup. Wëllt Dir dem Här Baum eng Fro stellen oder ...?

*(Interruption)*

A, hien ass nach ageschriwwen. Ech gesinn, Dir kommt nach hannendrun. Pardon, Här Keup.

**M. Fred Keup** (ADR) | Villmools merci awer, Här Président. Jo, an aller Rou gëtt hei awer iwwer eppes diskutéiert, wat eng grouss Verfassungsreform oder -ännerung ass. An dës Ännerung ass eigentlech an eisen Aen, wéi d'Madamm Schoos och scho gesot huet, iwwerflësseg.

An Dir sot awer, déi Ännerung wier néideg, an Dir argumentéiert dat da mat enger Menace. Dir sot am Fong, dass Der Angscht hutt, dass dat kéint geännert ginn, an dass Der dofir wéilt déi heite Verfassungsreform maachen, fir dass an Zukunft keng Regierung zu Lëtzebuerg entstoe kéint, déi da wéilt d'Ofdreiwung ofschwächen oder verbidden. An dofir setzt Der et elo an d'Verfassung, well en normaalt Gesetz kënnt Der mat 50 % änneren an eng Verfassungsännerung kënnt Der just mat 66 % maachen.

Da stellt sech dann d'Fro: Wie kéint dann zu Lëtzebuerg déi ominéis Regierung sinn, déi an Zukunft wéilt d'Ofdreiwung aschränken oder verbidden an déi Iech esou Angscht mécht, dass Der elo dës Verfassungsännerung wëllt maachen?

*(Interruption)*

Dat si jo mir!

**Une voix** | A sou?

**M. Fred Keup** (ADR) | Dat ass jo d'ADR.

*(Brouhaha et interruption par M. Meris Sehovic)*

Well deemools an der Kommissioun, wéi Der dat do virgestallt hutt, hutt Dir jo alleguer op mech gekuckt an Dir hutt do dervu geschwat, dass dat an Zukunft esou kéint kommen an dass mir jo do sinn.

*(M. Claude Wiseler reprend la présidence.)*

An da stellen ech mer d'Fro: Gitt Dir dovun aus, dass mir, d'ADR, an Zukunft 30, 40, 50 % kréien ...

**Une voix** | Très bien!

**M. Fred Keup** (ADR) | ... fir esou eng Ännerung? Oder fir d'Ofdreiwung ze verbidden oder ofzeschwächen? Et ass vill Vertrauen, dat Der an eis hutt! Mee et ass jo am Fong dat, wat Der hei sot. An et ass genee dat doten, firwat Der – Dir argumentéiert jo och esou – hei dës Verfassungsännerung wëllt maachen.

Oder gitt Der dovun aus, dass d'CSV vläicht erëm e Schwenk zréck mécht un hir Wuerzelen an dass si wëllen d'Ofdreiwung ...

*(Interruption)*

... erëm zréckschrauwen? Bei der CSV steet jo nach den C am Numm. C ass „chrëschtlech". Chrëschtlech ass fir d'Liewen a géint d'Ofdreiwung. De Luc Frieden sot am Interview, bei der CSV stéing den C net méi fir d'Relioun, mee fir Wäerter. Ech hale fest: op jidde Fall net méi fir chrëschtlech Wäerter!

*(Brouhaha)*

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Fred Keup** (ADR) | An den Här Frieden hat och 2024 an engem Interview gesot, dass een den Droit à l'avortement net misst an d'Verfassung schreiwen, dat wier eng Américanisation du débat.

Elo maache se et awer. An do kann ee sech Froe stellen, ouni hei elo wëlle grouss aus der Këscht ze sprangen. Mee hei kënnt eng Propositioun vu ganz lénks, vun zwee Lénken, déi wëllen hei dat an d'Verfassung schreiwen. A wat mécht d'CSV, déi nach kuerz virdru gesot huet, si wéilten dat net an der Verfassung hunn? Bumm, kippt se ëm!

An do stellen ech mer d'Fro: Wéi hält een nach u gewëssene Wäerter, u gewëssenen Aussoen, u gewëssene Wuerzele fest? Oder geet een einfach hin als CSV, a wann esou eppes vun de Lénken da kënnt, da seet een: „Ok", da fält een ëm? Da mécht een nach e klengen Trick, da seet een: „O, mee bei eis kënne se ofstëmmen, wéi se wëllen."

*(Interruptions)*

Mee dat hei wäert jo awer nëmme kënnen duerchgoen ...

**M. Marc Baum** (déi Lénk), auteur-rapporteur | Vläicht leeë mir eis einfach besser u wéi Dir.

**M. Fred Keup** (ADR) | Dat hei wäert nëmme kënnen duerchgoe mat der CSV hirer Ënnerstëtzung. An dat wäert jo warscheinlech och elo geschéien. An dat, mengen ech, ass e Beweis derfir, dass eigentlech – an dat ass dat, wat och ganz vill Wieler mir déi lescht Zäit soten – d'CSV net méi eng konservativ Partei hei am Land ass, ...

**Une voix** | Très bien!

**M. Fred Keup** (ADR) | ... soss hätt se einfach kënne soen, argumentéiere wéi den Här Frieden: „Dat do ass onnéideg, dat ass eng amerikanesch Debatt, dat brauche mir hei net."

*(Interruption)*

An Dir hutt dat natierlech do kënnen deenen opzwéngen. Dat ass krass!

Ech wëll Iech da ganz kuerz hei soen: Virun 1978 ... Et ass geschwat gi vu fréier an ech wëll Iech hei soen, vu wou d'CSV kënnt a wat d'Meenung an der CSV nach bis an d'1980er-Jore war. An do sinn eng Partie Leit, déi heibanne sëtzen, och Member ginn an der CSV. An do war eng Ried hei an der Chamber vum Jempi Glesener, deen e grousse Resistenzler war, deen zu Hinzert war, deen e richtege Patriot war. An deen huet hei gesot, an ech zitéieren dat elo einfach: „Et ass net nëmme mäi Recht, mee och meng Flicht, Iech meng Meenung derzou ze soen. Ech erënneren drun, dass am Krich d'Nazie versicht hunn, eis Lëtzebuerger Jugend ze vernichten, wat hinne Gott sei Dank an dank deene Lëtzebuerger Patrioten net gelongen ass. Duerch dëst Gesetz, d'Ofdreiwung, soll mat staatlecher Erlaabnis onschëllegt jonkt Liewen zerstéiert ginn. Also op eng aner Manéier gëtt dat Wierk vun deemools vun den Nazie weidergefouert.

*(Exclamations et interruptions)*

Wéi vill gutt ..."

**M. Claude Wiseler,** Président | Sou, wannechgelift!

*(Interruptions)*

**M. Fred Keup** (ADR) | Et ass d'CSV. Ech zitéieren d'CSV – d'CSV!

**Une voix** | D'CSV!

**Une autre voix** | 1978!

*(Brouhaha)*

**M. Fred Keup** (ADR) | Zu enger Zäit war et do nach üblech, wou Leit vun Iech, vun der CSV, agetruede sinn ...

*(Interruption diverses)*

**M. Claude Wiseler,** Président | Dir musst zum Schluss kommen, wannechgelift, Här Keup!

*(Brouhaha général)*

**M. Fred Keup** (ADR) | Ech kéint nach aner Zitater hei bréngen. Ech wollt dat eng Kéier hei ganz kloer soen. Dat ass d'CSV gewiescht bis d'80er-, deelweis nach bis an d'1990er-Joren.

Sou, zum Schluss: Well dat heiten eng Verfassungsreform ass a well mer prinzipiell derfir sinn, dass bei esou Punkten d'Bevëlkerung mat entscheet, an engem demokratesche Sënn, si mer derfir, dass een dat heiten engem Referendum ënnerstellt, wou d'Leit, d'Bierger hei am Land, decidéieren, ob et soll an d'Verfassung kommen oder net.

An duerfir ginn ech Iech an deem Sënn, Här President, eng Motioun.

Merci.

***Motion 1***

*D'Chamber vun den Deputéierten*

*ass sech bewosst, datt*

*– d'Demokratie gestäerkt gëtt, wann d'Bierger duerch e Referendum selwer iwwer Ännerungen un der Verfassung duerfen entscheeden;*

*– de Bierger hiert Vertrauen an d'Politick iwwert de Referendum nees gestäerkt gëtt;*

*– e Referendum eng breet ëffentlech Diskussioun mat sech bréngt, wat Transparenz schaaft an zu engem bessere Verständnes vun deem féiert, wat geännert gi soll a wat dat fir d'Bierger bedeit;*

*– Ännerungen un der Verfassung net just vun temporäre Majoritéiten an der Chamber sollen ofhängeg gemaach ginn;*

*– Verfassungsännerungen opgrond vu kuerzfristege politeschen an ideologeschen Interessen duerch e Referendum verhënnert ginn,*

*fuerdert d'Regierung op,*

*– e Referendum fir dës Ännerung, déi d'Fräiheet op Ofdreiwung an der Verfassung verankert, ze organiséieren an d'Bierger hei demokratesch an den Entscheedungsprozess matanzebannen.*

*(s.) Fred Keup.*

**Une voix** | Ganz gutt!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Keup. Domat wär d'Lëscht vun den ageschriwwene Riedner dann ofgeschloss. An ech hätt just eng Rei Froen, déi eenzel Leit gär dem Här Keup stellen. Här Keup, sidd Der d'accord, drop ze äntweren?

*(Assentiment)*

Voilà. D'Madamm Tanson, d'Madamm Cahen an den Här Zeimet. Madamm Tanson.

**Mme Sam Tanson** (déi gréng) | Jo, et ass jo eigentlech extreem schued. Mir haten elo hei eng serein Debatt iwwer en extreem ...

**Une voix** | Très bien!

**Mme Sam Tanson** (déi gréng) | ... wichtegen a sensible Sujet. Dass déi Debatt elo esou op en Enn geet – ech bedaueren dat wierklech zudéifst!

Mee wa mer da schonn op deem Punkt sinn, da froen ech Iech, Här Keup, well ech ka wierklech net novollzéien ... Also, zu dem zweeten Deel, ech mengen, do kënnen hei d'Kolleeginnen an d'Kolleegen op der rietser Säit bestëmmt ganz vill dorobber soen. Quitte dass ech wierklech fannen, dass dat Zitat, dat Der elo hei genannt hutt, total niewent der Plack ass! Dir hutt elo hei en Zitat ginn aus de 1970er-Joren, dat deemools och schonn total niewent der Plack war, mee ech froe mech, wat Der domat wëllt erreechen. Maacht Der Iech dat gär zu eegen, dat Zitat? Ass dat eppes, wat Dir och esou gesitt? Fannt Dir och, dass Ofdreiwung gläichzesetzen ass mat deem, wat d'Nazie gemaach hunn am Zweete Weltkrich? Dat wier meng éischt Fro.

Meng zweet Fro ass déi ..., bezunn op den éischten Deel vun Ärer Interventioun, wou ech wierklech mengen, Dir hat dat schonn an der Kommissioun gesot, dass Der Iech fir vill méi wichteg haalt wéi iergendeen aneren heibannen, well ech mengen net, dass iergendeen dat hei deposéiert huet, andeem en Iech am Sënn hat. Ech hu selwer gesot a menger Interventioun, dass ech wierklech géing hoffen, dass dat net géing hei passéieren, well ech net der Meenung sinn, dass Der jee wäert eng absolutt Majoritéit hei am Land kréien. Mee meng Fro ass awer déi: Wann Dir Iech dann ugesprach fillt, heescht dat, Dir géingt dann also d'Gesetz wëllen ofschafen iwwert den Avortement? Soss bräicht Der Iech jo net hei ugesprach ze fillen.

Also zwou Froen: Déi éischt ass déi: Identifizéiert Der Iech mat deem Zitat? Soss bräicht Der dat jo elo hei net ze bréngen. An dat Zweet ass: Sidd Dir dann der Meenung, dass Dir als ADR d'Gesetz iwwert den Avortement, wéi mer et hunn, géingt ofschafen?

**M. Fred Keup** (ADR) | Also, Madamm Tanson, mir, d'ADR an ech, hunn dat hei net ugefaang. Mir sinn net à l'origine vun deem soi-disant Kulturkampf, deen hei ganz gedige gefouert ginn ass a wou Der jo mengt, et arrangéiert jo och eng ganz Partie Leit. Wann awer hei e Punkt, deen dobausse ganz vill polariséiert a wou Leit ganz derfir sinn, mee och Leit ganz dergéint sinn, hei esou ganz gedigen erduerchgeet, ass dat och vläicht net grad dat, wéi et an der Chamber och ëmmer sollt sinn. Well et sollten och vläicht hei d'Meenungen erëmgespigelt gi vun der Gesellschaft dobaussen. Mir hu mat deem Kampf net ugefaangen.

Dat Zitat hunn ech einfach zitéiert, fir drun ze erënneren, dass et eng Kéier ... An dat maachen ech mir guer net zu eegen! Ech wëll just eng Kéier soen: Et ass eng Zäit ginn, do huet d'CSV fir esou Saache wéi déi do, esou Wäerter, déi mam Chrëschtentum zu dinn hunn, hei vehement gekämpft. An dat Zitat do war nach net dat Stäerkst. Ech hätt och nach anerer kënne bréngen.

*(Interruption)*

**M. Claude Wiseler,** Président | Madamm Cahen.

**M. David Wagner** (déi Lénk) | Géift Der et dann ofschafen? Géift Dir et ofschafen?

**Mme Sam Tanson** (déi gréng) | Ech hat nach eng Fro gestallt. Géingt Dir dann d'Gesetzesgeebung, wéi mer se haut hunn, ofschafen?

**M. Claude Wiseler,** Président | Sou!

**M. Fred Keup** (ADR) | Dir hutt ... Jo, dat ass d'Fro mat der Menace. Et ass ganz kloer: Wie soll dann ...? Dir maacht eng Verfassungsännerung, ...

*(Brouhaha)*

... well Der Angscht hutt, dass eng Partei heihinner kënnt ...

*(Interruptions)*

... an d'Ofdreiwung verhënnert. Déi, déi hei am stäerkste kritesch sinn ...

**Mme Sam Tanson** (déi gréng) | Jo oder nee, Här Keup?

**M. Fred Keup** (ADR) | ... géintiwwer der Ofdreiwung an am meeschte fir d'Liewe sinn, dat sinn nun emol mir. Et ass jo keen aneren do!

**Mme Sam Tanson** (déi gréng) | Dat heescht, Dir géingt et ofschafen?

**M. Fred Keup** (ADR) | Dat hu mer net gesot. Dat steet och net an eisem Programm.

*(Interruption)*

**Mme Sam Tanson** (déi gréng) | Dat heescht, Dir géingt et net ofschafen?

**M. Fred Keup** (ADR) | Et steet awer eppes vill méi Nuancéiertes do. Et steet dran, ...

*(Interruption)*

**M. Claude Wiseler,** Président | Sou, wannechgelift!

**M. Fred Keup** (ADR) | ... dass mer wëllen eng konkreet Politick maachen, fir d'Ofdreiwung esou wäit wéi méiglech hei am Land, soe mer mol, net gesetzlech onbedéngt ze verhënneren, mee esou ze verhënneren, dass een déi Leit ënnerstëtzt. An dat ass de Punkt!

*(Interruption)*

**M. Claude Wiseler,** Président | Sou! Merci, Här Keup. Madamm Cahen.

**Mme Corinne Cahen** (DP) | Villmools merci. Also, wann Dir sot: „dat esou ze verhënneren, dass een d'Leit ënnerstëtzt", da sot Der alles a säi Contraire an engem Saz. Well wann ech d'Leit ënnerstëtzen, dann ënnerstëtzen ech se an hirem Choix, dee se fir sech maachen an dee se musse maachen.

An ech kann do nëmmen nach eng Kéier zréckkommen op dat, wat d'Madamm Bofferding gesot huet: Eng Ofdreiwung, dat ass eppes ganz Schwéieres fir eng Fra an dat ass net einfach esou eppes, wat een niewebäi mécht! Dofir wëll ech dat nach eng Kéier hei ganz kloer soen – och Iech!

Ech hunn awer zwou ganz einfach Froen – nieft deenen, déi d'Madamm Tanson gestallt huet, déi ech och hat. Mee éischtens emol: Sidd Dir der Meenung, dass Är Parteipresidentin net eloquent genuch ass, dass Der do hannendrun nach eng Kéier musst kommen, fir hei nach eng Kéier grouss opzetrompen an der Chamber bei där heiter Debatt? Well ech sinn do ganz bei der Madamm Tanson: Dat war jo awer elo eng serein Debatt, wou mer matenee geschwat hunn a wou och deen een oder anere Froe gestallt huet.

A meng zweet Fro – ech muss se awer eng Kéier stellen –: Oder maacht Der et just, fir nach e schéine Clip op Social Media kënnen ze posten?

**Plusieurs voix** | A!

**Mme Corinne Cahen** (DP) | Villmools merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Wannechgelift, Dir ...

*(Interruption)*

**M. Fred Keup** (ADR) | Nee, also, Madamm Cahen, mir sinn hei gewinnt, dass mer ganz oft heibanne vläicht ganz minoritär sinn – elo fënnef, vläicht stëmmt nach deen een aneren hei och géint dës Propositioun. Mir wëssen dat. A mir wëssen hei, dass da ganz oft hei déi grouss Verbrüderung stattfënnt an Dir alleguerten eng aner Meenung hutt. An da sidd Der alleguer zesumme ganz staark, wa mir just zu fënnef sinn. Dat wësse mir.

**Plusieurs voix** | O!

**M. Fred Keup** (ADR) | Dat wësse mir alleguerten.

*(Interruptions)*

Mir wëssen awer och, dass et dobaussen nach méi Leit gëtt, déi eis ënnerstëtzen, an dass do dat Verhältnis net méi esou ass, ...

**Une voix** | Dir vergläicht et ëmmer, wa gewielt gëtt!

**M. Fred Keup** (ADR) | ... wéi et hei vläicht ass: 5:55. Dat wëll ech awer och soen.

An et geet och net hei drëms opzetrompen. Et geet eng Kéier och drëm, hei kloer ze soen, wat hei gemaach gëtt a wéi iwwerflësseg dës geplangte Reform vun der Verfassung eigentlech ass.

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Keup. Wann ech elo richteg verstan hunn, wëllt den Här Zeimet net Froe stellen, mee nach eng Kéier als Riedner d'Wuert huelen.

**M. Laurent Zeimet** (CSV) | Absolutt!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Keup. A vu datt d'CSV nach 20 Minutte vun hirer Riedezäit huet, ...

**Plusieurs voix** | A!

*(Hilarité)*

**M. Claude Wiseler,** Président | ... kritt den Här Zeimet d'Wuert.

*(Hilarité et interruptions)*

**M. Laurent Zeimet** (CSV) | Merci, Här President.

**Plusieurs voix** | De Mikro ass net un.

**M. Fred Keup** (ADR) | O, loosst en aus!

**Une voix** | O!

*(Hilarité et brouhaha)*

**M. Claude Wiseler,** Président | Sou, wannechgelift!

*(Interruption)*

De Mikro ass un. Dir kënnt.

**Une voix** | Elo geet et.

**M. Laurent Zeimet** (CSV) | Merci, Här President. Ech stelle fest, datt hei zu menger Lénker eenzel Leit mengen, ech sollt net d'Wuert ergräifen.

*(Interruption)*

Mee ech mengen et awer, och wann Dir et net wëllt héieren. An Dir lauschtert elo mol no!

**M. Fred Keup** (ADR) | Dach, dach, dach!

**M. Laurent Zeimet** (CSV) | Dir lauschtert elo mol no!

**M. Fred Keup** (ADR) | Jo, gären!

**M. Laurent Zeimet** (CSV) | Jo, Dir lauschtert elo mol no! Well esou, wéi Dir dat hei maacht, geet dat net. Sou geet dat net!

An et ass scho gesot ginn: Bis ewell war dat jo eng ganz serein Debatt, bis zu deem leschten Optrëtt.

*(Interruptions et hilarité)*

Et deet mer leed fir alleguerten déi, déi elo gemengt hunn, si wären éischter doheem. Mee mir haten nach Zäit a mir loossen dat esou net op eis sëtzen!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Laurent Zeimet** (CSV) | Well fir d'CSV-Positiounen ze erklären, brauche mir sécherlech kee vun der ADR. Duerfir si mir grouss an al genuch, fir dat selwer ze maachen!

An elo verschidde Punkten, Här Keup:

Deen éischten ass elo mol deen, datt mer hei iwwer eng Constitutioun decidéieren. Mir maache Gesetzer. A mir mussen do och als Partei jidderee fir sech kucken. Mir maachen dat fir jiddereen, egal wéi eng Iwwerzeegungen een huet. An net jiddereen, deen op menger Bänk sëtzt, ass vun der Ofdreiwung iwwerzeegt an huet vläicht fir sech perséinlech e ganz anere Glawen an eng ganz aner Iwwerzeegung. Mee mir decidéieren hei fir alleguerten d'Fraen a fir allegerten d'Leit am Land – net aleng no eiser Iwwerzeegung, mee am Interêt vum Land! Dat ass dat Éischt.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Laurent Zeimet** (CSV) | Dat Zweet ass: Dir hutt jo un eis Geschicht erënnert an un d'Debaten, déi hei am Haus viru gutt 50 Joer gefouert goufen. Ech hunn dat och an de Memoirë vum Här Werner nogelies, nach gëschter. Dat waren ustrengend Debatten. A sécher, d'CSV hat deemools eng aner Positioun. An d'CSV war deemools géint dat Gesetz. Mee d'CSV ass 1979 an d'Regierung komm an d'CSV huet dat Gesetz net ofgestëmmt (veuillez lire: ofgeschaf). An d'CSV huet an deene Joren duerno all d'Liberaliséierungsschrëtt matgemaach – all! An däers si mir eis och bewosst, well mir sinn eng Partei, déi diskutéiert an déi evoluéiert.

**Une voix** | Très bien!

**M. Laurent Zeimet** (CSV) | A konservativ ze sinn, heescht och, zu senge Positiounen ze stoen, Här Keup, a Wäerter och ze liewen. An dofir brauche mer Iech sécherlech net, fir eis dat ze erklären!

**Une voix** | Très bien!

**M. Laurent Zeimet** (CSV) | Well mir liewen eis Wäerter a mir liewen eis Iwwerzeegungen. Mee dat heescht net, datt mer anere Leit eis Iwwerzeegungen an eise Glawe virschreiwen!

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Laurent Zeimet** (CSV) | An da wëll ech Iech nach eppes soen, well Dir sidd jo esou verléift an d'80er-Joren.

*(Hilarité et interruption par M. Fred Keup)*

Ech muss Iech awer enttäuschen: D'80er-Joren, déi sinn eriwwer. An Är Presidentin, déi par rapport zu Iech nach eng zimmlech räsonabel Ried hei gehalen huet, déi huet jo gemengt, Dir wäert d'CSV, wéi se an den 80er-Jore war. Ech kann Iech soen: Ech si Member ginn an der CSV an den 80er-Joren, ganz genau am Joer 1988. An ech kann Iech soen: Wann d'CSV deemools esou gewiescht wär, wéi Dir haut sidd, da géif ech hei net stoen als Fraktiounspresident vun der CSV!

Merci.

**Plusieurs voix** | Très bien!

**M. Claude Wiseler,** Président | Merci, Här Zeimet.

Dann huet d'Regierung d'Wuert. Här Premierminister.

***Prise de position du Gouvernement***

**M. Luc Frieden,** Premier ministre | Här President, d'Regierung ass sech bewosst, datt Verfassungsännerungen aleng d'Kompetenz vun der Chamber sinn. Vu datt eng Verfassungsännerung, jo, e groussen Effet huet op d'ganzt Land, wollt ech Iech och soen, datt d'Regierung dës Verfassungsännerung wärend hirer ganzer Diskussioun enk suivéiert a positiv begleet huet.

Et geet hei ëm déi Grondrechter, déi eis alleguerten am Land solle verbannen. An duerfir ass et gutt, wa mer déi stäerken. D'Verfassung ass dat, wou e breeden Deel vun der Gesellschaft an e ganz groussen Deel vum Parlament – duerfir déi speziell Majoritéiten – sech muss dran erëmfannen. Et ass an deem Geescht a well mer der Meenung sinn, datt een ëmmer erëm muss d'Fräiheeten, déi iwwert d'Zäit evoluéieren, och an der Verfassung verankeren, datt mer dës Demarche, déi d'Chamber haut hei hëlt, positiv begleeden.

Déi zweet Remark wëll ech trotzdeem maachen, trotz all deem, wat virun elo fënnef Minutte geschitt ass. De Fait, datt hei Parteie vun der politescher Mëtt, datt hei Parteien am breede Konsensus zesummen zu engem Text komm sinn, ass gutt, fir datt mer eis Gesellschaft net splécken. E klengt Land ass staark, wann et zesummesteet. An duerfir huet een och eng Verfassung. An duerfir gëtt eng Verfassung mat enger breeder Majoritéit, enger konstitutionneller Majoritéit, ugeholl.

An datt mer wärend deem Debat, net nëmmen de Mëtten – mat Ausnam vun de leschte fënnef Minutten –, mee wärend deene Méint, wou dat diskutéiert ginn ass, op eng respektvoll Aart a Weis tëscht den eenzelne Gruppen an der Bevëlkerung, tëscht den eenzelne Parteie geschwat hunn, dat ass eppes, wat ech am Numm vun der Regierung extreem begréissen. An ech wollt dat hei och um Enn vum Debat am Numm vun der Regierung soen.

D'Regierung, wéi gesot, steet där Verfassungsreform hei positiv géintiwwer, och wa si sech selbstverständlech aus institutionelle Grënn net u Verfassungsreforme ka bedeelegen.

Merci.

**M. Claude Wiseler,** Président | Ech soen der Regierung Merci. Domat wären dann d'Diskussiounen zu dësem Sujet ofgeschloss.

Da kéime mer zu dem éischte Vote constitutionnel iwwert d'Verfassungsofännerung 8379. Den Text steet am Document parlementaire 8379[12]. Konform zum Artikel 131 vun eiser Verfassung ass e Minimum vun zwee Drëttel vun de Stëmme vun de Membere vun der Chamber erfuerdert. An nach eng Kéier: De Vote par procuration ass hei net erlaabt.

***Premier vote constitutionnel sur la proposition de révision de l'article 15 de la Constitution 8379***

Ech maachen d'Ofstëmmung op. De Quorum ass erreecht. Kuckt nach eng Kéier, ob jiddwereen ofgestëmmt huet. Dat schéngt de Fall ze sinn. Ech schléissen de Vott of.

D'Resultat vum Vott ass: Jo: 48, Nee: 6, Abstentiounen: 2. Dës Propositioun ass also mat 48 Jo-Stëmme géint 6 Nee-Stëmme bei 2 Abstentiounen am éischte Vote constitutionnel ugeholl ginn. Dat ass also elo esou decidéiert. Voilà.

*Ont voté oui : Mmes Diane Adehm, Nancy Arendt, MM. Maurice Bauer, Alex Donnersbach, Emile Eicher, Mme Françoise Kemp, MM. Marc Lies, Ricardo Marques, Georges Mischo, Mmes Octavie Modert, Nathalie Morgenthaler, MM. Laurent Mosar, Charles Weiler, Mme Stéphanie Weydert, MM. Claude Wiseler et Laurent Zeimet ;*

*Mme Barbara Agostino, MM. Guy Arendt, André Bauler, Gilles Baum, Mmes Simone Beissel, Corinne Cahen, MM. Luc Emering, Patrick Goldschmidt, Gusty Graas, Marc Hansen, Mmes Carole Hartmann, Mandy Minella et Lydie Polfer ;*

*M. Dan Biancalana, Mmes Taina Bofferding, Liz Braz, Francine Closener, M. Yves Cruchten, Mme Claire Delcourt, MM. Mars Di Bartolomeo, Georges Engel, Franz Fayot, Claude Haagen, Mme Paulette Lenert et M. Ben Polidori ;*

*Mme Djuna Bernard, M. Meris Sehovic, Mmes Sam Tanson et Joëlle Welfring ;*

*M. Marc Goergen ;*

*MM. Marc Baum et David Wagner.*

*Ont voté non : M. Gérard Schockmel ;*

*MM. Dan Hardy, Fred Keup, Michel Lemaire, Mme Alexandra Schoos et M. Tom Weidig.*

*Se sont abstenus : MM. Jeff Boonen et Paul Galles.*

## 11. Question élargie n° 71 de M. David Wagner au sujet de la mise en œuvre des projets de logements abordables

Da komme mer zum nächste Punkt vun eisem Ordre du jour, dat ass déi erweidert Fro Nummer 71 vum Här David Wagner iwwert d'Ëmsetzung vu Projete fir bezuelbare Wunnraum. Den Auteur vun der Fro huet 5 Minutten Zäit fir seng Haaptfro an no der Äntwert vum Minister seng Zousazfro. An d'Regierung huet 10 Minutten zur Verfügung. Här Wagner, et ass un Iech.

**M. David Wagner** (déi Lénk) | Merci, Här President. Ech mengen, déi Fro, déi ech wäert stellen, ass vläicht manner emotional belueden, mee ech leeën d'Dagesuerdnung net fest. Ech sinn awer ganz glécklech iwwert dat, wat elo grad geschitt ass.

Här President, ugangs Januar si mer iwwert d'Press gewuer ginn, dass zu Harel an der Stauséigemeng e Projet vun der SNHBM net wéi geplangt realiséiert soll ginn. Geplangt waren hei 67 Wunnenge fir de Verkaf mat Emphyteos, also ouni den Terrain. Säit 20 Joer soll dee Projet schonn an éischte Planunge gewiescht sinn, mee en ass eeben ni realiséiert ginn.

D'SNHBM hätt hei Bedenke gehat bei der Attraktivitéit vun déser Verkafsformel an enger Regioun vum Land, wou den Terrainspräis e Stéck manner an d'Gewiicht fält wéi a Richtung Süden oder Zentrum vum